

Wat-wann Ona

Iwwersetzung: Rolf Tarrach



INSTITUTE
OF NEXT
BY INFONOMIA

Wat-wann Ona

Iddi: Alfons Cornella

Text: Gina Clotet · Illustratioun: Silvia Morilla · Design: Curro Astorza

Iwwersetzung: Rolf Tarrach

Ech heeschen Ona,
meäng Mamm seet, ech wier
virwëtzig wéi eng Kaz.

Wat-wann-Ona, esou nennt si
mech. Ech froe gär, souguer wann
ech net ëmmer d'Äntwerten hunn.
Ech denken, wann s du e Firwat
hues, kanns du ëmmer e Wéi
fannen.



1.

E neien Dag fänkt un, a beim
Duschen denken ech...

Wat muss de Monster am
Offlossrouer mat all dem
Waasser, dat d'Leitung
eroffléisst, maachen,
iwverdeems ech drop
waarden, datt et waarm gött?



2.

Ech ginn eraus a stelle mer vir...

...datt all d'Knätsch,
déi um Trottoir pechen,
decidéieren ewechzedreiwen
wéi Seefeblosen, sou datt
meng Trottinette extra-super
séier geet.



3.

Sécher, an der Klass muss ee sech
sëtzen, mee ech fillen, wéi meng
Iddien um Buedem pechen.

Wat wier, wann ech si
géif ewechfléie loosse?

Wat wa meng Iddie
kéinten ewechrullen?



4.

Meng Mamm frot mech, firwat
ech mäi Mantel verluer hunn.
Si sot, ech misst en erëmfannen.

Mee wat wa mäi Mantel
mech géif fannen?



5.

Ee ganzen Dag mat
mengem Rucksak op
mengem Réck...

Kréie Schleeken
och Réckwéi?



6.

De Bopi ass voll vu Geschichten.


Wat wann hien all seng
Geschichten an Dëppe
géif tässelen, sou datt
si ni géife verluer ginn?



7.

Meng Boma an hiren Telefon
versti sech net...

A wat wa menger
Bomi hiren Handy géif
ausgesi wéi den Telefon,
dee si benotzt huet,
wou si jonk war?



8.

Meng Grousselteren hu mer
e puer Sue ginn.

Wann ech genuch hunn,
kafen ech en Teleskop.

Wéi kann ech mir bis dohin
d'Zäit flott verdreiwen?



9.

Ech hu Steng gezielt,
ech hu Leit an esou guer Vulle gezielt.
Ech hunn näischt méi fir ze zielen...

Wat wa Waarden net
langweileg wier?
Kanns du dir dat virstellen?



10.

Ech hunn de Buedem doheem
gär propper an dobaussen och.

Du hues et gesinn,
ech hunn et gesinn.
Wie wäert et ophiewen?



11.

Ech ka mer eng Welt
ouni Beem net virstellen...

Wat wa mir ëmmer
Geseems an eise
duerchlächerten Täsche
géifen droen?



12.

Wéi kënnt et, datt nëmmen déi
Erwuessen iwwert eis Zukunft
kënnen decidéieren?

Mee mir Jongen a
Meedercher hu méi
Zukunft.
Wat wa si eis géife froen?



13.

Hausaufgaben si secher vun
enger ganz langweiliger
Persoun erfonnt ginn.

Wat wa Mathematik
maache wier wéi bei engem
Concours matzemaachen?



14.

Ech wënschen ech hätt eng grouss
Schwëster, déi mer hëlleft, wéi
meng Frëndin Cloe.

Wat wann ech eng
géif adoptéieren?



15.

Meng Mamm huet och Gei beim
Professor Shorofsky studéiert.

D'Musek déi ech
spillen ass ganz al.
Mussen d'Couren dofir
och almoudesch sinn?



16.

Gezei an enger Kabinn
unzprobéieren ass eng Folter.

Spigel, Spigel un der Wand:
Wie ka gesinn wéi d'Gezei
sëtzt, ouni mol nëmmen
eng Strëmp auszedoen?



17.

Et ass onméiglech fir
iergend een aneren, mäi
Kleed ze droen.

Ech hunn decidéiert,
et selwer ze schneideren.



18.

Mäi Papp mécht sech Suergen.
D'Wäschmaschinn ass futti.

E Fachmann kéint mer
weise wéi een si fléckt.
Am Austausch kéint ech
him weisen, wéi een „naass
Hausaufgaben“ flécke kann.
Ech sinn en Expert dodran!



19.

Wa meng kleng Schwëster
d'Flemm huet, da fléckt hier
Suckel alles.

Wat wann et eng Suckel
fir Eltere géif ginn?



20.

Den Dag ass eriwwer.
Ech si sécher datt eis Schoul sech
eleng fillt, wa mir all heem ginn.

Wat wa mir d'Diere
géifen opmaachen,
sou datt d'Liewen
erakomme kéint?





Iddi: Alfons Cornella

Text: Gina Clotet

Illustratioun: Silvia Morilla

Design: Curro Astorza

Éischt Editioun: Januar 2018

Iwwersetzung: Rolf Tarrach

Wat-wann Ona

Ech heeschen Ona,
meng Mamm seet, ech wier
virwëtzig wéi eng Kaz.

Wat-wann-Ona, esou nennt si
mech. Ech froe gär, souguer wann
ech net ëmmer d'Äntwerten hunn.

Ech denken, wann s du e Firwat
hues, kanns du ëmmer e Wéi
fannen.



INSTITUTE
OF NEXT
BY INFONOMIA

